

Kontakt

Informationsblatt vum Fieldgen No 3 Vendredi, 5 octobre 2018

AGENDA

Mardi, 9.10. 19h00 - réunion parents
des classes de 7^eC et 7^eG

NEW!!

Lëtzebuergesch Theateratelier

Dir wëllt um lëtzebuergesch Theateratelier
deelhuelen? Dann mellt iech sou séier wéi
méiglech beim Här Liviero
(bruno.liviero@epf.lu).

Den Atelier ass **Mëttwochs** vun **14 Auer 30 bis**
16 Auer 30.

BRAVO !

7C2 huet beim Rallye fir d'7e gewonnen!



All déi Schüler, déi am September
am cours d'appui waren, kënnen
sech am Sekretariat vun der Mme
Schaus an der Mme Schumacher
mellen, fir hir 50 € zréckréien!

EcoBox

de lëtzebuergesch Pfand-System fir d'Mathuelen vun lessen

Projet am Kader vun School Futures - de Fieldgen, eng nohalteg Schoul

Vum 8. Oktober un lancéiere mir, als 1. Schoul hei am Land, de Projet **EcoBox** : de menu à
emporter gëtt an der EcoBox servéiert.



An enger éischer Phase schaffe mer mat 40 EcoBoxen.
Déi Schüler, déi lo schons wëlle matmaachen, kënnen vun e
Méinden un, een Ticket bei der Mme Wagner an der Porte
kafen. Präis vum Ticket : 5 €.

Wann dir äre menu à emporter an d'Cantine siche gitt,
muss der den Ticket ofginn a dann kritt dir äre Menü an
der EcoBox servéiert.

Nom lessen maacht der d'EcoBox um Stand vun Schüler-
comité an der Cantine eidel a gitt se dem Schülercomité
of. Dee Moment, wou dir se ofgitt, kritt der ee neien Ticket.
Dem Schülercomité säi Stand ass virun der Bühn an der
Cantine.

Dir kënnt d'EcoBox ofginn :
an der 1. Mëttegpaus 12h15 - 12h25
an der 2. Mëttegpaus 13h10 - 13h20

Mir hunn och 20 Couverts, déi mer bei der Mme Wagner an der Porte verkafen an déi der da
kënn halen. Präis vun engem Couvert : 10 €.

Dir sollt wëssen, dass mer lo eng Testphase ufänken. Soubal mer gesinn, dass de Projet gutt
fonctionnéiert, erweidere mer selbstverständlech eise Stock un EcoBoxen a Bestécker. D'Zil vun
Projet ass et, dass ALL menu à emporter an der EcoBox servéiert ka ginn.



Une action du :
An action of:



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de Développement Durable
et des Infrastructures
Département de l'Environnement

Partenaires :
Partners:



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de Développement durable
et des Infrastructures
Administration de l'Environnement

SuperDrecksKësch



Sportsektioun

Et ginn 3 zousätzlech Sportsektiounen
ugebueden.

Méindes : Klammen an Hockey
Mëttwochs : Badminton

Déi verschidden Sportsektiounen sinn ëmmer vun
14h25 bis 15h15. Déi Schüler déi interesséiert,
sinn solle sech an der Sportshal aschreiwen!



7es Weekend 2018

Maach mat!!!!

- Du bass op enger ieweschter Klass?
- Du wëlls mat aneren zesummen e passionanten an och exigente Projet realisieren a liewen?
- Du wëlls d'Freed an d'Erfüllung erliewen, déi duerch d'Verantwortungsgefill an den Animatiounsgeescht entstinn?

Komm - kuck - a pak mat un!

Maach mat beim **Grupp vun de Moniteuren a Monitricen**, déi de **7es Weekend viru Chrëschttag (20. an 21. Dezember)** organisieren!

Mir brauchen däin Dynamismus, deng gutt Laun, deng Initiativen, deng Kreativitéit!

De **Virbereedungs-Weekend** ass Freides, den 19. Oktober (15h15) bis Samsdes, den 20. Oktober (12h).

Schreif dech am Sekretariat an bis den **11. Oktober!**

Fir all weider Informatiounen a Reseignementer :
Raphaël Weickmans
(raphael.weickmans@epf.lu)



dayCARE 2018

Can you feel
the change?



Du hues op mannst 16 Joër? Du hues Loscht een Schnupperdag an enger Entreprise ze erliewen an dobäi eppës fir den gudden Zweck ze maachen?

Dann ass den **dayCare den 24.10.2018** fir dech!!

Op www.daycare.lu kanns du dech bis den **15.10.** fir e Stage aschreiw. Déi éischt si vir!

Mat denger Bestätegung oder wanns du Froën hues, kanns du bei mech an den Büro B244 laanscht kommen oder mir mailen

helena.martins@epf.lu

STUDENTS WANTED



Du wëlls deenen anere Leit hëllefen?

Du wëlls engem weisen wéi een reaniméiert?

Da kanns du dech mellen fir am Éischt Hellef Team matzeschaffen

[Mell dech bei eis](#)


Mme Ecker: rita.ecker@epf.lu

M. Kuffer: gerard.kuffer@epf.lu

Mir freeën eis dech an eis Equipe ze integréieren.



Coup de coeur du cdi



Un grand classique à redécouvrir, avec de merveilleuses illustrations de Martin Jarrie. Au CDI !



am Haff, an der Cafetéria an
an den Pique-nique's Säll



am Gebäi (Gäng, Klassen, Toiletten, asw.)

!! NEW !!

Mëttwochs an Freides an der 5ter Stonn kënt der Iech fir eng Fussballaktivitéit aschreiw (wann der do Mëttegpaus hut).

Moies henkt eng Lëscht bei der Mme Wagner an der Porte, wou der Iech kënt aschreiw. Plazen si limitéiert (12 Plazen)!